PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/08/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Déi franséisch Regierung huet viru Kuerzem eng Sondererlabnis fir 5 Atomkraaftwierker ginn, déi et de Kraaftwierker erlaabt, méi waarmt Killwaasser zeréck an d'Flëss ze leeden. Dës Sondererlabnis gëllt bis den 11te September. D'Atomkraaftwierk zu Cattenom ass zwar dovunner net betraff, mee och hei besteet een eescht ze huelende Risiko, dass mat der undauernder Dréchent et geschwënn dozou komme kann.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Huet d'lëtzebuergesch Regierungen Informatiounen iwwert den Impakt vun der aktueller Dréchent op d'Situatioun vum Atomkraaftwierk zu Cattenom?

2. Besteet d'Méiglechkeet, dass och Cattenom méi waarm Ofwaasser an d'Musel kéint pompelen?

3. Wéi eng international Reegelen (Traitéen,Accorden) gëllen, am Fall wou d'franséisch Regierung méi waarmt Waasser wéilt an d'Musel leeden?
   Kann d'franséisch Regierung dat einfach esou decidéieren, am Fall wou de Floss duerch een anert Land geet?
   Wéi kéint Lëtzebuerg sech géint esou eng Decisioun wieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député